



Här Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2020

Här President,

Esou wéi den Artikel 23 (3) vum Chambersreglement et virgesäit, froe mir d'Urgence d'Zesummekomme vun der Kommissioun fir Gesondheet a Sport, zesumme mat der Conférence des Présidents an dem Bureau vun der Chamber.

Virum Hannergrond vun den ëmmer nach séier steigende Covid-19-Infektiounszonele vun dësen Deeg, awer och virum Hannergrond vun de Covid-Decisioune vum Regierungsrat vum Samschdeg, den 17. Oktober 2020, erschénge eis sou eng gemeinsam Reunioun dréngend noutwendeg ze sinn.

Fir eis als Deputéierten ass et zentral, déi selwecht Basis fir eis Decisioune ze hunn, wéi d'Regierung. An dat och am wëssenschaftlechen Detail. Duerfir ass et fir eis wichteg, fir ze wëssen: Op wéi enge präzise wëssenschaftlechen Donnéeën baséieren Decisioune vun der Regierung? Fir dës Fro ze verdéiwen, géife mir eis bei dëser Reunioun och d'Presenz vun de Wëssenschaftler wënschen, déi d'Regierung a Covid-Froe beroden.

Duerfir froe mir mat Nodrock déi uewe genannte Reunioun, an dat méiglechst zäitno.

Mir bieden Iech, och den Här Premier- a Staatsminister grad wéi och d'Madamm Gesondheitsministesch an déi virgenannt Reunioun ze beruffen.

Mir bieden Iech och, dës Demande un den Här President vun der Kommissioun fir Gesondheet a Sport weiderzeleeden.

Mir bieden Iech eisen déifste Respekt entgéint ze huelen.

Martine Hansen
Presidentin vun der CSV-Fraktion

Claude Wiseler
Deputéierten